Ried vum Arlette LOMMEL

zu Wolz den 21. Januar 2020

Léif Alleguer

No deier ureegender table ronde ass et elo un der Zäit, datt d'Schüler aus dem Lycée an aus den Grondschoulen vu Wolz de Schüler aus der Ecole nationale pour Adultes (ENAD) an der Ecole privée Ste Anne, hier Reflexiounsaarbechten zum Thema Erënnerung un d'Evénementer vum 2.Weltkrich, iwwerreechen.

De Pilotprojet „Rucksakbibliothéik vun de Schoulen fir d'Schoulen" deen d'Memberen vun den Aarbechtsgruppen „pédagogie et sensibilisation"a „commémoration" vum *Comité pour la mémoire de la seconde guerre mondiale* 2018 lancéiert hunn, gesäit vir datt op déi Manéier d'Fakel vun der Erënnerung an der Ausernanersetzung mat den Evenementer vum 2. Weltkrich, vu Schüler zu Schüler, vu Schoul zu Schoul, vu Generatioun zu Generatioun weidergereecht gëtt.

Virdrun ass et eis vun den Aarbechtsgruppen, an deenen hirem Numm ech schwätzen, awer wichteg eisen Projet nach eemol ze presentéieren. Bei enger nächster Zeremonie kréien dann d'Schüler d'Wuert fir am Detail hier Iwwerleeungen, hier Iddien an Produktiounen duerzestellen, well dat leider hei den Zäitkader géif sprengen.

Et ass een op Zäit ugeluechten Projet mat, hoffentlech, Schnéiballeffekt, deen an den nächsten Joren weider wuesse soll, well de Fridden, d'Fräiheet an d'Demokratie stellen och zäitlech onbegrenzten, alldeeglech Erausfuerderungen un all Generatiounen duer. Sou soll den Rucksak voller Erënnerungen wuessen, mat de Produktiounen an den Iwwerleeungen vun ëmmer méi Schüler, ëmmer méi Schoulen sou datt de Rucksak oder d'Valisen oder di digital gesammelt Informatiounen a Produktiounen vu Joer zu Joer méi grouss ginn. Et sief bemierkt datt mir fir d'Erstellen an d'Digitaliséierung vun de Produktiounen vun de Schüler, d'Hëllef vum SCRIPT vum Erzéiungsminister zougestanen kruten .

Firwat eng Rucksakbibliothéik fir d'Fakel vun der Erënnerung weiderzereechen?

- well mer iwwert d'Gesetzestexter vun 2016 iwwert d'Créatioun vum CM2GM als Memberen vun dem Comité en Optrag kruten: „*de perpétuer la mémoire des*

événements de la deuxième guerre mondiale et d'entreprendre des actions de sensibilisation du public et plus particulièrement de la jeunesse…"

- well mer vun eisem Premier Minister eng Aufgab kruten, déi een esou kéint resuméieren wi et am Communiqué de presse zur Geleeënheet vun der réunion constitutive vum Comité formuléiert wor: „*Nous constatons actuellement une montée du populisme au sein de l'Union européenne, ce comité a le devoir de maintenir le souvenir des atrocités de la 2 GM et de sensibiliser les jeunes générations pour éviter qu'une telle tragédie ne se répète"*

a weider:

Ce fut le souhait du gouvernement que les trois communautés , unissent leurs forces pour sensibiliser le public et particulièrement la jeune génération

A mir huelen deen Optrag eescht, als Membere vun den Aarbechtsgruppen, zesummegewierfelt aus den 3 Communautéiten der jüddescher, der Zwangsrekrutéierung an der Resistenz, hu mer an deenen Joren, respektvoll, solidaresch a mat Freed ee gemeinsaamt Ziel verfollegt, dat wat an eisem Optrag steet: *sensibiliser la jeunesse pour éviter qu'une telle tragédie ne se répète*

Mir hunn eis Zieler gesat déi dir als Resumé hei um roll-up kënnt liesen…an nach besser op der Powerpoint (cf annexes).

Fir dës Zieler duerch de Projet Rucksakbibliothéik (RB) erreechen ze kënnen si mir virun 2 Joer mat 3 Valisen op Wolz gereest komm, mat wäit iwwer 100 Dokumentatiounen, déi vun den Memberen vum Comité zesummegedroen goufen. Mir hunn den Wëlzer eis Iddeeën präsentéiert an eis gefreet datt souwuel d'Klassen am Fondamental wéi am Secondaire hiert Matmaachen um Projet bestätegt hunn. Niewt den Zieler ass d'Methodik präsentéiert ginn, wéi Schüler sech, fachiwwergräifend, mam Thema iwwer di eng oder aner Dokumentatioun oder ganz einfach iwwer Reflexiounen an Diskussiounen iwwert Evenementer vun haut, am Verglach mat den Evenementer vun deemools, ausernaner setzen kënnen. Di Jonk sollen dorops hin hier Iwerleeungen, Gefiller, Suggestiounen ausdrécken an zesummen mat hiren Aktiounen dokumentéieren, am Konscht- oder Musekunterricht z.B. an de Sproochen, de Schreifatelieren oder der Geschicht, duerch expression corporelle, Rollespiller oder Theater, oder e Video driwwer man wéi d'Schüler aus der Wëlzer Grondschoul z.B. Hei soll der Kreativitéit vun den Schüler an Schoulen keng Limite gesat ginn, fir der jonker Generatioun bewosst ze man, zu wat et féiert wann Mënscherechter mat Féiss getrëppelt ginn an en demokrateschen Staat duerch en totalitären Onrechtsregime ersat gëtt.

Leider bitt d'Aktualitéit genuch Diskussiounsstoff a Beispiller fir kënnen den Bou ze spanen vun haut zu deemools an ze léieren geféierlech Virzeechen vu Friemenhaass, Antisemitismus, Exklusioun, Fanatismus an Diktatur z'erkennen. Well den Sënn vun dem Projet ass et jo datt di Jonk d'Geleeënheet kréien an ënnerstëtzt ginn, fir ze probéieren ze verstoen, wéi et esou wäit konnt kommen an ëmmer rëm an der Welt kënnt.

Mir wëlle präventiv handelen an d‘ Kanner an di Jugendlech sou fréi wéi méiglech wappnen fir datt all Eenzelen vun hinnen sech bewosst gëtt datt et och op hien ukënnt, datt och hien Geschicht ka schreiwen an den Verlaf vun der Geschicht, positiv oder negativ, kann matprägen. Verantwortungsvoll, fräi, autonom denkend, selbstreflektéiernd, vigilant an zivilcouragéiert Weltbierger si gefrot wann et em d‘Erhalen vun Fräiheet an Demokratie, Fridden an Respekt vun mënschleche Wäerter geet. *« Nous apprendrons aux enfants à être eux-mêmes, à se hausser par le travail intelligent à la majesté d’une culture qui est exactement à l’opposé de l’asservissement.* » wor dem groussen Pedagog an Resistenzler Célestin Freinet säi Leetfuedem.

Och mir gleewen drun datt Respekt, Empathie, Demokratie, Zivilcourage kënnen geléiert ginn. Dofir huelen mir eisen Optrag deen mer 2016 kruten eescht… awer dat geet net duer! Fir effizient kënnen ze ginn mussen virun allem d’Kanner an di Jonk eis eescht kënnen huelen. Als Pedagogen wëssen mir datt d’Jugend manner op eis Wierder lauschtert wéi op eist Behuelen, eisen Ëmgang matenaner an ons Doten kuckt an sech ev.inspiréiert. Si brauchen glafwierdeg Virbiller am Alldag, virgeliewten Wäerter an hirem direkten Ëmfeld fir sech zu afillsamen, respektvollen , kriteschen an verantwortungsvollen Mënschen kënnen z’entwéckelen. Oder wéi den Célestin Freinet et esou schéin virun 70 Joer schonn ausgedréckt huet: *notre jeunesse a besoin d’hommes qui témoignent par leur gestes quotidiens de la valeur de la vie de chaque être humain*.

An dobäi huet de Projet d’Ambitioun hinnen ze hëllefen, datt si sech am Labyrinth, an der Flut vun Informatiounen, zurecht fannen a léieren ënnerscheeden zwëscht, Wourecht a Propaganda, Tatsaachen a fake news, Éierlechkeet a Ligen, Feigheet an Zivilcourage, Egoismus a Solidaritéit, Selbstlosegkeet an Opportunismus, Verrot an Standhaftegkeet, Humiliatioun a Respekt, fir datt si en Halt fannen an enger Welt wou, no Ëmfroen vun der Associated Press z.B. bal all 2. Amerikaner net méi ka soen op d’Informatiounen richteg oder falsch sinn, e President aus den USA , nom Fact-checker vun der Washington Post 13000 fakenews, Hallefwoueregten oder Ligen an d’Welt gesat huet.

Et kënnt op d’Aart a Weis unn wéi d’Fakel weidergereecht gëtt fir datt eis Beméiungen och Friichten kënnen droen an dofir kënnt et op d’Authentizitéit, op virgeliewten Wäerter a konkret Aktiounen unn.

„*Die ewigen Wahrheiten und ewigen Rechte haben stets am Himmel der menschlichen Erkenntnis aufgeleuchtet aber nur gar langsam wurden sie von da herabgeholt, in Formen gegossen, mit Leben gefüllt, in Taten umgesetzt* „ heeschen d‘Warnungen vum Bertha v. Suttnner an hirer Nobelpräisried vun 1906…!

Dofir ass jo een vun den Zieler vun der Rucksakbibliothéik (RB) gemeinsam de Bou ze spanen vun dunn an haut, Virzeechen vun deemools an haut z'erkennen, richteg anzeschätzen an haaptsächlech entgéint ze wierken, an zwar schnell an efficace genuch. Et heescht Kloertext ze schwätzen fir datt di Jonk trotz der medialer Flut, nach kënnen e klore Kapp behalen fir datt si virbreed a vigilant sinn wa schwéierwiegend Decisiounen op si sollten zoukommen, datt si zur Zäit, schnell an effikass agéieren a verstinn, datt Mënschen vergiesslech sinn an wéi den Albert Einstein et formuléiert huet, d'Welt geféierlech ass, „*non à cause de ceux qui font le mal, mais à cause de ceux qui regardent et laissent faire*."

Dat ass eist Engagement an eis Iwwerzeegung a mir freeën eis datt no eiser Presentatioun 2018 an der cité martyre vum Projet RB di Wëlzerschoulen sech bereet erkläert hunn als 1. Schoulen am Land matzemaachen. Elo iwwerreechen si d'Fakel weider un di nächst 2 Schoulen.

Villmools Merci hinnen, aus dem Lycée, mat hirem Direkter dem Här Stockreiser, der Mme Flesch an hiren Kolleegen, an an der Grondschoul, der Madame Demoulling mat hieren Equippen, an alle Schüler, grouss a kleng fir hiert grousst Engagement. Och schonn e Merci am viraus de Vertrieder vun den 2 nächsten Schoulen datt Si bereet sinn d'Fakel z'iwerhuelen fir se dann och, spéider un no follgend Schoulen weiderzereechen.

Als 2 UNESCOschoulen hu Dir iech als Ziel gesat den Optrag unzehuelen, wéi en an der Preambel vum acte constitutif vun der UNESCO nom 2.Weltkrich niddergeschriwwen gouf: „*les guerres prenant naissance dans l'esprit des hommes, c'est dans l'esprit des hommes, (des jeunes, de nos élèves) que doivent être élevées les défenses de la paix."*

An genee dorëms geet et jo am Projet RB fir déi *défenses de la paix* bei de Schüler mathëllefen opzebauen, sou fréi an sou effikass wéi méiglech. An dofir wäert et Iech warscheinlech net un „*exemples de bonnes pratiques* „ feelen, vu datt, säit der Créatioun virun méi wéi 70 Joer vun dem internationalen Netzwierk vun haut iwwer 11.000 UNESCO-Schoulen weltwäit, Weeër gesicht ginn fir d'Wierder aus der Preambel, konkret mat Aktiounen am Schoulalldag ëmzesetzen.

Ier ech lo der Madame Melanie Noesen, directrice adjointe vun der ENAD, déi grad wéi di Wëlzer schonn eng grouss Erfarung an deem Beräich huet , d'Wuert ginn, wëll ech nach weider Merci soen Iech all déi haut present sinn, der Gemeng Wolz an hirem Buergermeeschter, all den Organisateuren vun haut, der Madame Leiner fir hier wonnerbar Koordinatioun, de Memberen vun den 2 Aarbechtsgruppen a besonnesch dem haarde Kär, déi di quasi ëmmer present sinn, fir di respektvoll, kollegial a flott Zesummenaarbecht, eiser Coordinatrice der Madame Monique Dabé fir hier effikass an onermiddlech Koordinatioun an hir wäertvoll Rapporten, dem aktuellen President vum Comité a Member vum Aarbechtsgrupp dem Här Guy Dockendorf , der Madamm Claude Wolf Member vum Aarbechtsgrupp an dem Här Josy Lorent de Kopresidenten, an fréieren

Presidenten an all den Memberen vum Comité fir hier grouss Ënnerstëtzung, dem Här Jean-Claude Muller, premier conseiller de gouvernement am Staatsministère, fir seng permanent an diskret Ënnerstëtzung, Mathëllef a Presenz, vun der 1. Minutt un, wou e mat eis op Wolz koum an eis di 3 schéin Valisen iwwerreecht huet an deenen d'Produktiounen vun den Schüler besser geschützt sinn wéi an engem Rucksak, dem Roll-up deen hien ufäerdegen gelooss huet an d'Iwwersetzung vun den Zieler op lëtzebuergesch an däitsch gemaach huet , Jean-Claude mir wäerten dech vermëssen… a wënschen dir eng schéin, wuelverdéngten Pensioun an dengem Nofollger als Chef vum service mémoire, dem Här Patrick Majerus, häerzlech Wëllkomm an eng flott Zesummenaarbecht.

Schléissen lo of mat engem Saaz vum Thomas Rick, deen ech aus engem Text erausgepickt hunn, deen den Här Albert Hansen, eis zoukommen gelooss huet:

"To refuse to run with the herd is generally harder than it looks. To break with the most powerful among that herd requires unusual depth of character and clarity of mind. But it is a path we should all strive for , if we are to preserve the right to think, speak, and act independently, heeding the dictates not of the state or of fashionable thought but of our own consciences" (Thomas E Ricks: *Churchill and Orwell the Fight for Freedom*, 352 pages, Penguin Press, May 23 2017)

Annexes:

1. Roll up

Fais passer le flambeau !

Rucksakbibliothéik vun de Schoulen fir t'Schoulen

Objectifs de cette action pédagogique

- sensibiliser les jeunes pour le devoir de mémoire des évènements de la Seconde guerre mondiale pour qu'ils puissent apprendre par le souvenir du passé à mieux comprendre le présent et les avertissements de l'histoire
- développer leur esprit critique par rapport à l'actualité et par rapport aux informations véhiculées par les médias
- développer leur ouverture d'esprit, leur respect vis-à-vis de l'Autre pour qu'ils puissent apprendre à changer de point de vue pour mieux comprendre l'Autre et développer l'empathie envers l'Autre afin de découvrir et apprendre à apprécier la richesse des différences
- susciter l'esprit d'initiative des élèves, leur engagement pour l'Autre, leur responsabilité comme citoyen de ce monde et acteur informé, averti, vigilant et responsable :
- prêt à rejeter l'intolérance, la violence contre l'Autre pour sa différence, sa religion, son opinion

- prêt à dire non aux injustices, aux préjugés, aux humiliations, au fanatisme et à l'extrémisme,
- prêt à se relever et lutter contre les propos et actes haineux, les appels à l'exclusion et au contraire apprendre à inclure au lieu d'exclure, à unir au lieu de séparer,
- apprendre l'esprit de résistance, la détermination impassible à lutter, à se relever quand le respect des droits de l'homme est en danger

afin d'apprendre à vivre ensemble dans le respect mutuel, le partage et la solidarité et faire passer ainsi le flambeau de génération à génération, d'école à école, d'élèves à élèves

2. objectifs tels que décrits dans le **projet**:

- Perpétuer la mémoire des évènements de la Seconde guerre mondiale et les mettre en relation avec le monde contemporain,
- entreprendre des actions de sensibilisation de la jeunesse en relation avec la mémoire de la Seconde guerre mondiale
- sensibiliser les jeunes pour le devoir de mémoire
- informer les élèves et réveiller en eux l'intérêt et la sensibilité pour les évènements du passé pour les mettre ensuite en relation avec ceux d'aujourd'hui
- développer leur esprit critique, par rapport à l'actualité, par rapport aux informations véhiculées par les médias
- développer leur ouverture d'esprit, leur humilité, leur respect, tolérance et empathie vis-à-vis de l'Autre
- susciter l'esprit d'initiative des élèves, leur engagement pour l'Autre, leur responsabilité comme citoyen de ce monde
- faire passer ainsi le flambeau de génération à génération, d'école à école, d'élèves à élèves
- objectifs pour les élèves de l'enseignement fondamental et secondaire

-

- apprendre par le souvenir du passé de mieux comprendre le présent
- s'intéresser et s'informer sur l'histoire de la Deuxième guerre mondiale
- apprendre par une mémoire commune à mieux comprendre les avertissements de l'histoire et à prendre conscience de ceux que nous donnent l'actualité,
- apprendre à distinguer différentes perspectives, resp. à apprendre à changer de point de vue pour mieux comprendre l'Autre, développer l'empathie envers l'Autre et par là découvrir et apprendre à apprécier la richesse des différences
- apprendre à exprimer et partager informations, sentiments et opinions
- apprendre à inclure au lieu d'exclure, à unir au lieu de séparer,
- franchir le pas d'une éventuelle méconnaissance de l'histoire relative à la Deuxième guerre mondiale, d'observateur passif, à un acteur informé, averti et vigilant, d'une indifférence éventuelle au rôle d'acteur engagé et responsable;
- prêt à dire non aux injustices, aux préjugés, aux humiliations, au fanatisme et à l'extrémisme,
- prêt à se relever et lutter contre les propos et actes haineux, les appels à l'exclusion,

- à rejeter l'intolérance, la violence contre l'Autre pour sa différence, sa religion, son opinion…
- apprendre l'esprit de résistance, la détermination impassible à lutter, à se relever quand le respect des droits de l'homme est en danger
- apprendre à se dresser face à la haine et la folie meurtrière, à s'unir par la tristesse, l'indignation, à apprendre à se rassembler pour protester et unir les forces pour en faire un combat commun
- apprendre à vivre ensemble dans le respect mutuel, le partage et la solidarité
- développer le sens de la responsabilité et la prise de conscience du devoir de citoyenneté d'un chacun
-

Notons que les objectifs relèvent aussi bien du domaine de la prévention que de l'action/réaction aux évènements du présent et du passé

Arlette Lommel 21.01.2020